Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6te Februar 2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1710 vum honorabelen Deputéierte M. Schank confirméiert de Minister d'Iwwerlaaschtung vu verschiddenen Zich. De Minister schreift, dass duerch d'Bäikafe vun neie Waggonen d'CFL an de nächste Joren d'Passagéierkapazitéite fir d'éischt an déi zweet Klass erhéije wäert.

Am Uschloss op dës Fro wéilt ech dem Minister folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Sëtzplazen existéieren aktuell an allen Zich vun der CFL? Wéi vill dovunner entfalen op d'zweet Klass? Wéi vill dovunner entfalen op déi zweet Klass?
2. Wat ass d'Gesamtkapazitéit vun allen Zich (Sëtz– a Stéiplazen) vun der CFL?
3. Wéi vill Passagéier sinn 2019 an der zweeter Klass matgefuer a wéi vill an der éischter Klass?
4. Wann all d'Sëtzplazen an der éischter Klass ofgeschaaft géife ginn, wéi vill Platze (Sëtz– a Stéiplazen) kéinten da fir d'zweet Klass liberéiert ginn?
5. Ass et fir de Minister virstellbar, de Prinzip vun der Zwee-Klassen-Trennung ofzeschafen? Falls nee, aus wéi Grond ënnerstëtzt de Minister den Erhalt vun enger éischter Klass?
6. Wéi vill Recetten huet d'CFL 2019 duerch de Verkaf vun Tickete fir d'éischt Klass generéiert ? Wéi vill maachen dës Recettë par Rapport zu de Käschte vun der CFL aus?

Mat héijem Respekt,

Marc GOERGEN
Députéierten